ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

QP N°3588

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:34, 08/02/2021

Mamer, de 5. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister, un den Här Schoulminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Den 3. Februar war den Här Minister Kox Invité vun der Redaktioun beim RTL-Radio a sot am Kontext vum Dout vum deem jonke Bouneweger, dee vun engem Mannerjäregen ëmbruecht ginn ass, datt d'Gewalt e Phänomen ass, deen am Kader vun der Covid-Pandemie an d'Luucht gaangen ass.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Leien der Regierung Zuelen an/oder Statistike vir, déi dës Aussoen ënnermaueren?
2. Wéi dacks ass an de leschten 30 Joer ee Mënsch vun engem Mannerjäregen ëmbruecht ginn, sief et duerch Doudschlag oder duerch Mord?
3. Leien der Regierung Informatioune vir, ob et scho jeemools virkomm ass, datt e Schüler vun engem Schoulkomerod aus dem selwechte Lycée ëmbruecht ginn ass?
4. Wéi vill Gewaltakte géint Persounen sinn an de leschten zéng Joer, opgeschlësselt no deenen eenzele Joren, vu Mannerjäregen ausgaangen? Wéi vill dovu si mat engem Messer begaange ginn?
5. A wéi ville Fäll ass an de leschten zéng Joer, opgeschlësselt no den eenzel Joren, d'Police geruff ginn, well um Territoire vun engem Lycée ee Schüler duerch e Gewaltakt verletzt ginn ass?
6. Wéi vill mannerjäreg Awunner sinn an de leschten zéng Joer , opgeschlësselt no deenen eenzele Joren, wéinst Gewaltdote géint Persounen vun engem Geriicht verurteelt ginn?
7. Wéi vill mannerjäreg Net-Awunner sinn an de leschten zéng Joer, opgeschlësselt no den eenzele Joren, zu Lëtzebuerg vun engem Geriicht verurteelt ginn?
8. An der Zäit ass d'Police reegelméisseg, deelweis e puer Mol am Dag, iwwert de Parking vum Bouneweger Lycée gefuer, "fir Presenz ze markéieren". Gëtt dëst nach ëmmer gemaach? Ass a verschiddene Lycéeën däitlech méi Gewaltpotenzial ze erkennen, ewéi an aneren? Wa jo, ëm wéi eng Lycéeën handelt et sech hei? Gëtt dëst vun der Police an iergendenger Form festgehalen? Ginn et an deem Kontext Zuelen an Informatiounen aus de Lycéeën, z.B. am Hibléck op disziplinaresch Moossname wéinst Gewalt géint eng aner Persoun?

9. Den Här Policeminister huet am Radio-Interview dervu geschwat, datt "mol an der Vergaangenheet Gruppéierungen openeen getraff sinn". Kann den Här Minister dozou weider Erklärunge ginn? Sinn der Police Gruppéierungen (respektiv Banden) bekannt, déi alt mol "openeen treffen"? Sinn der Police déi Jugendlech aus dëse Gruppéierunge bekannt?
10. Wéi geet elo de Policeminister konkret géint d'Gewalt ënner de Jugendleche vir?
11. Wéi eng Moossname kann d'Police ergräifen, fir déi Jonk besser viru Gewalt ze schützen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

**REÇU**
*Par Alff Christian , 09:11, 18/03/2021*

Luxembourg, le 18 MARS 2021

**Objet : Question parlementaire n° 3588 du 5 février 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant la violence parmi les mineurs**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri Kox

Adresse bureaux
19-21, bvd Royal
L-2449 Luxembourg

Adresse postale
B.P 219
L-2012 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

secretariat@msi.etat.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Henri KOX, de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse Claude MEISCH et de Madame le Ministre de la Justice Sam TANSON à la question parlementaire n° 3588 du 5 février 2021 de l'honorable Député Fred KEUP concernant « la violence parmi les mineurs »**

**Ad 1):**
Generell kann een soen, datt d'Zuelen vun Infractiounen betreffend Gewalt géint Persounen, déi vun der Police erfaasst ginn, an de leschte 4 Joer ähnlech bliwwe sinn. Heizou muss een awer wëssen, dass et ëmmer eng Donkelziffer gëtt.

**Ad 2):**
Laut dem *Registre spécial de la Jeunesse* (Art. 15 vum Gesetz vum 10. August 1992 iwwer de Jugendschutz), gouf an de leschten 10 Joer ee Mannerjähregen wéint fräiwëllegem Doudschlag condamnéiert.

**Ad 3):**
Eisem Wëssensstand no war et nach net virkomm, datt e Schüler duerch e Gewaltakt vun engem anere Schüler ëm d'Liewe komm ass.

**Ad 4):**
Der Police leien hei keng genau Donnéeën vir.

**Ad 5):**
D'Police an den Educatiounsministère féieren keng Statistik, déi eng Äntwert op dës Fro géif erlaben.

**Ad 6):**
Bei Gewaltdoten, déi ënner *coups et blessures* (Artikel 398 an 399 vum Code pénal) faalen, sinn d'Zuelen folgend:

| | 2011 | 2012 | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| COUR D'APPEL JEUNESSE LUXEMBOURG | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 1 |
| COUR D'APPEL LUXEMBOURG | 0 | 1 | 1 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| TRIB. CORRECTIONNEL DIEKIRCH | 1 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| TRIB. CORRECTIONNEL LUXEMBOURG | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 1 |
| TRIB. DE LA JEUNESSE DIEKIRCH | 0 | 1 | 0 | 6 | 5 | 1 | 4 | 0 | 5 | 2 |
| TRIB. DE LA JEUNESSE LUX. | 21 | 26 | 19 | 8 | 7 | 13 | 3 | 4 | 6 | 20 |

| | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| TRIB. DE SIMPLE POLICE LUX. | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 1 | 0 |
| | 22 | 28 | 20 | 14 | 12 | 14 | 7 | 4 | 12 | 24 |

Wann bei Terme *Gewaltdoten* ugeduecht war, fir d'Strodoten vun *vol et extorsion à l'aide de violences* (Artikelen 468 etc. vum Code pénal) dozouzezielen, da sinn d'Zuelen folgend:

| | 2011 | 2012 | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| CA JEUNESSE LUXEMBOURG | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 1 | 0 | 0 | 2 |
| CA LUXEMBOURG | 0 | 1 | 1 | 0 | 1 | 1 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| TRIB. CORRECTIONNEL DIEKIRCH | 1 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| TRIB. CORRECTIONNEL LUXEMBOURG | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 1 |
| TRIB. DE LA JEUNESSE DIEKIRCH | 2 | 1 | 0 | 9 | 5 | 1 | 4 | 0 | 5 | 2 |
| TRIB. DE LA JEUNESSE LUXEMBOURG | 28 | 37 | 31 | 11 | 12 | 19 | 6 | 6 | 12 | 33 |
| TRIB. DE SIMPLE POLICE LUXEMBOURG | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 1 | 0 |
| Total | 31 | 39 | 32 | 20 | 18 | 21 | 11 | 6 | 18 | 38 |

Am Joer 2020 goufen et insgesamt 38 Inscriptiounen am registre spécial de la jeunesse fir déi opgenannte Strodoten. Dovunner gouffen 23 Mannerjähreger zu Strofdoten wéint *vol ou extorsion avec violence* condamnéeiert an/oder 24 Mannerjähreger wéint *coups et blessures volontaires.*

**Ad 7):**

Et gëllt hei ze präziséieren dat an deene meeschte Fäll, an deene Mannerjähreger Auteur si vun enger Strofdot, zur gläicher Zäit Résident sinn am Moment vun de Faiten.

| | 2011 | 2012 | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Luxembourg | 18 | 21 | 28 | 18 | 13 | 17 | 9 | 6 | 18 | 37 |
| Inconnu | 0 | 0 | 1 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| Pas renseigné | 13 | 18 | 3 | 2 | 5 | 5 | 2 | 0 | 0 | 1 |
| Total | 31 | 39 | 32 | 20 | 18 | 22 | 11 | 6 | 18 | 38 |

Bei den Zuelen ënner der Kategorie "pas renseigné", gouf d'Residenzland net uginn am Moment vun de Faiten. Bei deene 49 Mannerjähregen an der selwechter Kategorie gouf awer spéiderhin eng Address zu Lëtzebuerg festgestallt.

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 247-94678

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

Déi Mannerjäreg, déi eng Strofdot um lëtzebuergeschen Territoire begaangen hunn, ginn un déi auslännesch Autoritéiten dénoncéiert, aus dem Grond well zu Lëtzebuerg de System vun der *"Protection de la Jeunesse"* gëllt.

**Ad 8):**
D'Police mécht reegelméisseg am ganze Land souwuel zu Fouss wéi mam gezeechenten Auto Patrulle bei de Schoulen a Lycéeë fir Präsenz ze markéieren. Dëst ass eng vun deene ville Missiounen, déi di respektiv Policeunitéiten am Kader vun hiren alldeegleche virgeschriwwenen Aufgaben ze erfëllen hunn.

D'Police selwer féiert kéng spezifesch Statistiken iwwert d'Gewaltpotenzial an de verschiddene Schoulen.

D'Entwécklung vun der Zuel vu Sanctiounen, déi vun de Conseils de discipline vun de Lycéeë wéinst Gewaltakte geholl goufen, weist net op eng erhéichte Gewaltbereetschaft vun deene Jonken hin. Allerdéngs mussen d'Zuele vun dësem Schouljoer relativéiert ginn duerch de Fait, datt déi iewescht Klassen aktuell "en alternance" funktionéieren a manner Präsenzzäit an der Schoul hunn.
Zuel vun de Sanctiounen, déi vun de Conseils de discipline vun de Lycéeë wéinst Gewaltakte geholl goufen:

| ***2017-2018*** | ***2018-2019*** | ***2019-2020*** | ***2020-2021*** |
|---|---|---|---|
| **41** | **58** | **44** | **13** |

Bei den Zuele stécht kee Gebai besonnesch ervir, sou datt eng Opschlësselung no Lycéeën net sënnvoll ass.
Allgemeng soll awer och gesot ginn, datt déi verschidde Servicer vun de Schoulen (SePAS an SSE), déi sech mat Gewaltpreventioun beschäftegen, an de leschte Jore staark ausgebaut gi sinn, a grad elo, am Kontext vun der Pandemie, staark sollicitéiert ginn, fir d'Schüler am Kontext vun der Belaaschtung vun hirer mentaler Gesondheet an hirem Wuelbefannen ze ënnerstëtzen.

Op där enger Säit fanne Preventiounsprojete statt fir Konfliktléisungskompetenzen ze stäerken, wéi zum Beispill de Projet "Klasserot" oder de Projet "S-team" vum SCRIPT, SNJ a CePAS, dee Jonker viséiert, fir aktiv an der Peer-Mediatioun am Lycée ze ginn. Op där anerer Säit ginn och konkret Situatioune vu Mobbing a Gewalt en charge geholl vun de spezialiséierte Servicer SePAS an SSE am Lycée; esou intervenéiert zum Beispill ee mobilt Coaching-team a Schoule fir Situatioune vu Mobbing ze entschäerfen. Des Weidere gëtt am Beräich vum Cybermobbing mat der Initiativ BEE SECURE aktiv um Phenomen vu Mobbing an de soziale Medien geschafft, wou d'Thema vum Sexting an der Erpressung aktuell am Kader vun enger nationaler Campagne

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 247-94678

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

thematiséiert gëtt. Hei sinn och spezialiséiert Formatioune fir Enseignanten an dat psychosoziaalt an edukatiivt Personal virgesinn.

**Ad 9):**
Bis elo huet et sech bei all Faiten, wou méi Jugendlecher impliziéiert waren, a wou d'Police huet missen intervenéieren, ëmmer ëm Gruppe vu Jugendlecher gehandelt aus dem selwechte Frëndes- oder Bekanntekrees, mee net ëm regelrecht organiséiert Banden.

**Ad 10):**
Hei muss eng global Approche geholl ginn, fir géint d'Gewalt tëscht an duerch Jugendlecher ze vermeiden.
En kollektiven Effort ass deemno erfuedert well d'Police net alleng d'Léisung fir dës Problematik kann sinn. D'Répressioun alleng kann d'Gewaltbereetschaft bei Jugendlechen net verhënneren.

**Ad 11):**
D'Preventiounsservicer vun der Police bidde Coursen am Beräich Gewaltpreventioun un. Hei gi vill Themen ugeschwat wéi Mobbing, Cybermobbing, kierperlech a psychesch Gewalt, a wéi ee sech ka verhalen, wann ee mat där Problematik confrontéiert gëtt. Des Course ginn op Demande vun de Schoule souwuel am Fondamental wei och am Secondaire ugebueden, dat am ganze Land. An de Joeren 2018 an 2019 huet d'Police ronn 1000 Stonne vu esou Coursen an de Schoule gehalen an d'lescht Joer, bedéngt duerch déi sanitär Kris, ronn 560 (en présentiel an online).

Bei de Jugendhaiser ass d'Police Partner, fir sougenannte "Grilles d'intervention" auszeschaffen. Des Grille déngt dozou, wéi een a bestëmmte Fäll muss reagéieren (z.B. fir en Educateur, wéi hie muss reagéieren, wa bei engem Jugendlechen de Verdacht besteet, dass en illegal Substanzen hëlt oder bei sech huet, wie muss an deem Fall a Kenntnis gesat ginn, etc.). Esou eng Grille kann och am Beräich Gewalt opgestallt ginn.

An verschiddene Stied ass d'Police och am direkten Dialogue mat den 'Streetworker'

D'Police ass och bereet fir Coursen am Beräich Gewaltpreventioun, grad ewéi Drogepreventioun an der Grondausbildung vum Léierpersonal unzebidden, well oft festgestallt gëtt, dass d'Schoulpersonal Schwieregkeeten huet, fir ze wëssen, wat hier Rechter/Flichte sinn, wann et mat der Thematik konfrontéiert gëtt. Et géif dorëms goen, fir datt d'Léierpersonal eng Grondkenntnis kritt an dann och scho präventiv als Multiplicateure villem virgräife kann a Kanner op des Theme preparéiere kann.

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 247-94678

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu